pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Christian WELTER
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz :2022.52715.SECR

Péiteng, den 9. September 2022

Betreff: Är Fro vum 10. August 2022
(den Dossier gëtt beaarbecht vum Här Claude Linden - Tel. : 50 12 51 – 2030)

Här Christian Welter,

Per E-Mail vum 10. August hutt Dir dem Schäfferot folgend Fro gestallt :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Verschidde Leit hunn eis kontaktéiert, well eng 150 Joer al Rotbuche am Park hannert der Gemeng zu Péiteng viru kuerzem ofgeholzt gouf.

Esou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wéilt ech Iech an dem Zesummenhang eng Fro stellen:

1. *Aus wéi engem Grond gouf dëse Bam ofgeholzt?*
2. *Wat wäert mat den Iwwerreschter vum Bam (dem Stamm souwéi d'Äscht) gemaach ginn?*
3. *Wäert d'Gemeng Deeler vum Holz notzen, fir Souveniren hierzestellen?*
4. *Hannert der Gemeng stinn iwwerdeems och nach 2 Beem, déi als arbres remarquables ausgezeechent sinn. Wéi al sinn dës Beem an a wéi engem Gesondheetszoustand sinn se?*

Mat Respekt,
Christian Welter
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Fro :

Här Welter,

Mir bezéien eis op Äre Bréif vum 10. August 2022 an deelen Iech Folgendes mat :

1. Dëse Bam gouf säit 2009 regelméisseg iwwerwaacht a bei der Kontroll vun dësem Joer gouf festgestallt datt de Bam stierwe wäert. Eisen Expert, d'Dr Julia Engels, sot doropshin datt de Bam misst ofgeholzt ginn fir ze évitéieren dass eng Persoun zu Schuet kënnt. Doropshin huet d'Gemeng eng Demande gemaach fir dëse Bam dierfen ofzeholzen. Nodeems dëse Summer, bedingt duerch dat dréchent Wierder, en Aascht ofgebrach ass, ass de Bam d'Urgence ofgeholzt ginn.

2. Eisen Expert huet eis informéiert datt d'Holz vun dësem Bam zum gréissten Deel faul ass an et sech och insgesamt net laang hale géif wouduerch et also net dofir gëeegent ass fir z.B. Skulpturen dorauser ze maachen. Soumat ass geplangt d'Iwwerreschter vum Bam ze hächselen.

3. Nee d'Gemeng wäert deemno keng Souveniren aus dësem Holz hierstellen.

4. De Käschtebam hannert dem Stadhaus, deen op 140 Joer geschat gëtt an als „Arbre remarquable" klasséiert ass, ass Stand haut an engem gudde Gesondheetszoustand.

   Een anere Käschtebam deen och als „Arbre remarquable" ausgewisen ass an an deem selwechten Alter ass, steet och am Park hannert der Gemeng, zur Säit vun der rue de l'Église. Dëse Bam befënnt sech allerdings an engem éischter schlechte Gesondheetszoustand a wäert laut eisem Expert fréier oder spéider, virun allem bedingt duerch d'Wiederkonditiounen an de nächste Joeren, och mussen ofgeholzt gi well en net méi geheelt ka ginn.

   Den 25. August 2022 gouf a sämtleche Beem am Park dat doudescht Holz erausgeschnidden.

   Dësweideren wäert d'Dr. Julia Engels och an Zukunft regelméisseg Kontrolle vun eise Beem maachen.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter f.f.,